

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Juli 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister an un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

De Beruffsverband ALBAD, deem Bibliothekären, Archivisten an Dokumentalisten ugehéieren, beschwéiert sech säit Joren iwwer ee Manktem u qualifizierten Archivisten. Studenten, déi am Ausland wëlle studéieren, fir kënnen hei am Land Archivist ze ginn, kréie vum CEDIES (Centre de Documentation & Info sur l'Enseignement supérieur) gesot, si sollten eppes aneshtes studéieren, well Archiviste géifen net zu Lëtzebuerg gebraucht ginn. D'Gemengegi bei der Sicht no qualifizéierte Kommunalarchivisten oft eleng gelooss. De Gemengesekretär ass fir d'„archives courantes“, awer net fir d'„archives historiques“ zoustänneg. Oft lande wäertvoll Kommunalarchiven an der Nationalbibliothéik, mee do gëtt sech oft net drëm gekëmmert. No zéng Joer gi vill Dokumenter do zerstéiert.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister an un den Här Minister:

- 1) Wéi schätzt de Staat säi Besoin an u Bibliothekären an Archivisten, wat déi nächst zéng Joer betrëfft?
- 2) Wéi ginn déi zukünfteg Archiviste rekrutiert? Wéi laang dauert hir Stage-Zäit? Ënnerhëlt d'Regierung Efforten, fir dëse Beruffswee ze promovéieren? Wat fir eng Roll spillt an dësem Zesummenhank de CEDIES?
- 3) Wéi vill Leit ginn am Moment als Archivist gefouert?
- 4) Wéi vill vun dëse Leit hunn am Ausland studéiert, wéi vill um INAP (Institut national de l'administration publique)?
- 5) Ween assuréiert d'Coursen um INAP, fir dës Leit als Archivisten auszubilden?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten

